



soen, datt ganz sécher, jee no deem wat geschitt, een och do frou ass, wann een e Militärflieger huet. Ech hu schonn ee Beispill gi vun der franséischer Armée, déi hei bei eis um Findel gelant ass mat sechs Patienten, Covidpatienten. Dat war en MRTT, genau esou e Fliger wéi déi, déi hei an der Flott dra sinn.

Duerfir, et kann een net pauschaliséieren a maachen, wéi wann an zivilen Asätz, zum Beispill wéi an där Kris hei, dat géif goen, just well een d'Leit zur Verfügung hätt. Nee, et geet och ëm all dat Material, wat mer hunn, dat beschafe mer eis iwwert de militäresche Wee. Mir hunn och Saache kritt iwwert d'NATO. D'NSPA ass eng Filial, also eng Agence vun der NATO. A mir hunn dat Zelt bei dem CHL just kritt iwwert d'NATO, aus Italien op Lëtzebuerg transportéiert.

Duerfir, et ass einfach net seriö ze maachen, wéi wann et just géif duergoen, datt ee quasi Zaldoten hätt, déi vläicht och nach e Gewier hätten, a fir de Rescht bräichte mer keng capacitär a logistesche Apparater oder, wat weess ech, Capacitéite ronderëm, fir datt dat iwwerhaapt ka fonctionéieren. Dat ass ... Ech loosse lech gär Är Meenung, mee ech soen lech, dat fonctionéiert ganz sécher net!

An dann zu de Beispiller. Et deet mer leed, wa mir an der Sahelzon, wou mer jo vill investéieren an d'Kooperatioun, wou mer iwwert d'Kooperatioun genau deem wëlle Rechnung droen, wat Der selwer sot, nämlech d'sozial Problemer aus der Welt schafen, wa mer dann net parallel dozou iwwert de Sécherheetsapparat derzou bäidroen, datt mer Stabilitéit ..., datt mer Länner stabiliséiert kréien, da soen ech lech, dann ass eng Stabilitéit an déi Suen, déi mer investéieren, fir d'Strukturen opzebauen, zivill Strukturen opzebauen, dann ass dat alles ëmoss. An de Gros, wat jo och an der Sahelzon zum Beispill gemaach gëtt, dat ass Formatioun och vun dem Militär. Mir hunn déi ganz europäesch Missioun, déi European Train Mission, dat ass eng Formationsmission! Dat ass net eng offensiv Krichsmissioun! Passt also extreem gutt an dat Beispill hei eran.

Oder dat, wat elo eis Zaldote maachen am Kader vun der UNO-Missioun, der MINUSMA (ndlr: United Nations Multidimensional Integrated Stabilization Mission in Mali). Do baue se just eng Telekommunikatioun op fir d'Campe vun der UNO, déi mat UNO-Mandat do sinn, déi ganz kloer och eng defensiv Missioun hunn an och éischter derfir do sinn, fir Stabilitéit ze maachen. Wann dat net wär, soen ech lech ... An ech sinn emol net sécher, ob mer et kënne fäerdegbréngen, mat all deene Moyenen, d'Sahelzon ze stabiliséieren. Ech hoffen awer, datt mer et fäerdegbréngen! Well wa mer dat net fäerdegbréngen, da soen ech lech, da flitt eis dat laanscht d'Oueren, dat wäert sech gewäsch hunn! Dat wäert Der gesinn.

Natierlech ass den Hannergrond sozial Problemer! Mee déi Leit, déi do aktiv sinn, dat sinn net einfach Feiner, dat sinn der net e lauter, déi aus sozialen Iwwerleeungen eraus dat maachen. Mee ech mengen, mir si jo awer net esou naiv ze mengen, datt nëmmen déi, déi do géint e Regime virginn, e lauter Gudder a Feiner a Braver a Léiwer wäeren. Esou ass dat jo net an der Realitéit! Mee nach eng kéier: Dat ass keng offensiv Missioun, mee et ass awer eng am Ausland. Dat ass natierlech eng ausserhalb vun der Europäescher Unioun, mee et ass awer eng, déi mer do maachen am Interêt vun der Regioun a virun allem awer och am Interêt vun eis, fir datt mer Stabilitéit kréien an Afrika, well dat ass d'Viassetzung, fir datt mer och Stabilitéit behale bei eis. Ech wëll lech net vormolen, firwat dat alles ass!

Dann zu dem A400M. Et ass net richtig, datt den A400M, esou wéi en elo ass, datt dee kéint tanken an der Luucht. Da misst een extra Moduller drabauen. Mee dat wëllt d'Belsch och guer net. A si hunn och vollkomme Recht, well dat gëtt kee Sënn, fir dat do ze maachen. Déi Fligere do, dee Programm A400M, dee mir mat der Belsch zesumme gemaach hunn, deen hu mer weinst ganz anere Saache gemaach an net weinst deene Saachen, déi elo hei an deem heite System dra sinn.

An da muss ech lech soen, mir si jo net eleng hei! Et ass jo net, wéi wa mir als Lëtzebuerg hei eleng wäeren! Hei si mer mat Länner, déi awer trotzdeem, éierlech gesot, eis ganz, ganz no sti vun hire Wäerter hier. Dat ass Däitschland, et ass d'Belsch, pardon, et ass ..., jo, d'Belsch, et ass Holland, et ass Norwegen, also dat si jo awer Länner, déi si jo awer net wäit ewech vun eis, géif ech soen, an hirer Aart a Weis, wéi se u Saachen eruginn, dat si keng, déi offensiv denken. A mir maachen et mat deenen zesummen, wat ech eng ganz gutt Saach fannen.

An et ass och dat, wou ech mengen, wou mer no bausse gutt dostinn. Ech soen lech, ech hunn zu Bréissel dee leschte Kontrakt ënnerschriwwen bei der NATO mat deene Länner zesummen. Dat huet eis vill bruecht. Vu datt mer

als klengt Land finanziell an och capacitär net kënnen déi Baiträg leeschten innerhalb vun der NATO, dat gëtt och unerkannt entre-temps. Et gëtt awer da genausou gutt unerkannt, wa mer natierlech bei engem Projet wéi deem heiten derbäi sinn, deen am Interessi ass vun deem Ganzen.

An da wëll ech och nach soen, wann ech dann héieren: „Protokollaresch Flich, déi kënnen mer och mat ...“ Mee et geet jo hei net ..., dat ass jo awer net d'Prioritéit vun de protokollaresche Flich! Mir hunn dat hei jo net ...

### (Interruption par M. Marc Goergen)

Nee, mee ... Här Goergen, jo, natierlech, et steet am Rapport. Mir hätten och nach kënnen dräschreien, mir kënnen d'Fliger och emol asetze fir ech weess net wat iergendwou kafen ze goen. Mee de Punkt ass, déi 1.200 Stonnen, déi ginn haaptsächlech genotzt fir aner Saachen.

A wou ass de Problem, wann ech dann och nach soen, „... an et kann ee se och nach fir protokollaresch Zwecker notzen“? Dat heescht, zum Beispill, datt am Kader vun dem Stonnen-austausch, well dann huele mer jo net déi do Fliger, fir ze fléien. De System fonctionéiert net esou, datt wann dann zum Beispill d'Regierung, de Premierminister op e Sommet misst goen an e géif zréckgräifen op esou ee Fliger. Da kritt en net en MRTT, da kritt en natierlech méi e klengen. Mee déi Stonnen, déi en hält, déi dann och méi niddreg verrechent ginn, déi kritt en am Kader vun deem ganze Pool hei verrechent.

Mee, pardon, mir maachen et net dowéinst! Mir maachen et dowéinst, déi 1.200 Stonne gi genotzt, fir am Kader vu Missiounen insgesamt agesat ze ginn a fir soss näischt anescht.

Et kann een natierlech esou e Beispill hei erauszitéieren, dat kléngt erëm eng kéier gutt, dat ass no baussen e bëssen och suggeréiert, wéi wann d'Regierung hei wëllt iergendwellech Dommheete maachen. Dat ass net de Fall. An duerfir nach eng kéier merci fir déi breet Zoustëmmung!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7513. Den Text steet am Document parlementaire 7513<sup>2</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7513 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Ech maachen de Vote électronique zou. Duerno de Vote par procuration.

### Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass dese Projet de loi bei 8 Nee-Stëmmen an 52 Jo-Stëmmen ugehoen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Marc Lies), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### Motion 1

Da kéime mer zur Ofstëmmung vun der Motioun, déi vum Här Marc Baum agereecht ginn ass. Ass eng Wuertmeldung zu där Motioun do? Den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, merci, Här President. Déi Motioun vum Här Baum ass eis u sech ganz sympathesch, well se drop hiweist, dass een och a schwierigen Zäiten net soll déi aner vergiessen, déi et warscheinlech nach méi schwéier hunn.

Vu datt mer nach eng kéier mat dem Minister vun der Kooperatioun wollte Récksprouch huelen, dat awer net méi konnten elo maachen, a vu datt een och, mengen ech, sech méi eng länger Zäit soll huelen, fir iwwert déi ganz Kooperations-,aide publique au développement“ ze schwätzen, géife mir proposéieren, déi Motioun hei an d'Kommissioun ze verweisen, ouni se hei elo wëllen ofzewiergen, well et ass awer e wichtige Sujet, se an d'Kommissioun ze verweisen an do nach eng kéier dann driwwer ze diskutéieren.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engel.

Ech géif d'Wuert zréckginn un den Auteur vun der Motioun, den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, merci, Här President. Also, eis géif scho relativ staark dru leien, datt mer haut driwwer ofstëmmen. Ech verstinn natierlech, datt gär Récksprouch mam zoustännege Minister gehale gëtt. Ech kéint héchstens proposéieren, datt mer de Vott als ee vun deene leschte Votten huelen; dann ass nach Zäit, fir och vläicht den Här Minister ze errechen. Da kënne mer de Vott hei vläicht an zwou Stonnen oder an zwou an eng halfe Stonn huelen als ee vun deene leschte Projeten - wann dat dann esou an der Rei ass.

Mee soss wier et eis eigentlech ganz wichteg, well et ass eng prinzipiell Decisioun, wou et besonnesch och fir déi Associatiounen an déi ONGen um Secteur ee ganz wichteg Signal wier - au vu dovunner, datt mer virun Oktober warscheinlech soss net zesummekommen.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Baum.

Kënne mer déi Motioun dann zréckstellen an dann herno weiderdiskutéieren an dann eventuell zum Vott kommen oder och net?

### (Assentiment)

## 4. 7600 - Projet de loi relative à la construction et à l'équipement d'un nouveau bâtiment pour les Archives nationales, et à l'aménagement des alentours

Mir kommen elo zum Projet de loi 7600 iwwert dat neit Gebai vun den Nationalarchiven. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif dann d'Wuert ginn un de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorablen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.** - Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, et kënnt selte vir, datt den etymologeschen an historeschen Ursprung vun engem Wuert esou perfekt passt, fir iwwer ee Gesetzesprojet ze schwätzen, wéi dat haut bei den Nationalarchiven de Fall ass. An et weist virun allem och, wéi laang den Archive schonn eng zentral Plaz an eise Gesellschaften zoukënn.

Eist aktuell Wuert „Archiv“ geet op dat latäinescht Wuert „archivum“ zréck, wat ee mat „Akteschaf“ iwwersetze kann. Dat latäinescht Wuert staamt sengersäits awer vum algricheschen „archeion“ of, wat ee mat „Verwaltungs- oder Regierungsgebei“ iwwersetze kann a wat och een direkte Bezug zum Verb „ärchein“ huet, dat „regéieren“ oder „herrsche“ bedeit.

Am Wuert „Archiv“ steet also gläichzäiteng seng Foncioun, dat heescht Archivéiere vun Dokumenter, d'Plaz, dat heescht ee staatlecht Gebai, a säin Zweck, eng effikass Verwaltung.

An esou ass et och mam Projet de loi vun haut. Mir stëmmen net nëmmen déi puer Artikelen - ech mengen, et sinn der dräi - vum Finanzéierungsgesetz fir en neit Archivgebei zu Esch-Belval. Nee, mir erméigleche mat deemem Projet eng laang iwwerfällg Moderniséierung a Professionaliséierung vum Lëtzebuergeschen Archivwiesen. Well ouni e passend Gebai sinn och d'Fonciounen an den Zweck vun engem Archiv a Fro gestallt.

Historesch gesi waren d'Archiven eng Plaz fir de laangfristegen a séchere Stockage vun administrativ a politesch wichtegen Dokumenter. Dokumenter, déi fir den effikasse Fonctionnement vun der Verwaltung an der Herrschaft iwwer eng Stad, e Bezierk oder ee ganz Räich noutwendeg waren.

Iwwert d'Joerhonnerte sinn awer ëmmer méi Fonciounen derbäikomm. Déi zweet grouss Missioun vun den Archiven ass déi vun der gesellschaftlecher Memoire. Si erlaben et eis, an d'Vergangenheet ze kucken, eis Vergangenheet opzeschaffen an Äntwerten ze fannen op

d'Fro, wou mer hierkommen a wou mer wëllen histeieren.

Kuerz, d'Archive sinn indispensabel fir eng objektiv Geschichtsfuerschung a Geschichtsschreibung a ganz generell fir d'Ausenanersetzung mat eiser Vergangenheet a mat eiser Identitéit als Land a Gesellschaft.

D'Missioun vun de Lëtzebuergeschen Nationalarchive ginn haut awer wäit doriwwer eraus a sinn immens villfältig. Mam Gesetz vum 25. Juni 2014 kruten d'Archives nationales een neie legale Kader mat follgende Missiounen: Niewent dem laangfristegen Sammele vun historesch, politesch, wëssenschaftlech, ekonomesch, kulturell, juristeschen an insgesamt gesellschaftlech wichtegen Dokumenter geet et och drëms, dës original Quellen un Texter, Bicher, Urkunden, Gerichts- an Nottärsakten, Zeitungen, Plakater an all méiglech aner Publikatiounen éischters emol ze sammelen, zweetens se laangfristeg ze erhalen an ze conservéieren, drëttens se au besoin ze restauréieren, véiertens se opzeschaffen an ze kategoriséieren, fënneftens an zu gudder Lescht Archivbestänn net nëmmen eenzelen Experten, mee der gesamter interessierter Effentlechkeet zougänglich ze maachen. Do schléisst sech dann och nach eng pedagogesch Missioun un. An den Opdrag ass hei, d'„culture d'archivage“ ze promovéieren.

### ► Une voix.- Très bien!

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.** - Zum Schluss vun der leschter Legislatur, just virun der Summerpaus 2018, koom dunn nach d'Archivgesetz derbäi, mat deem mir dem Lëtzebuergeschen Archivwiesen endlech ee moderne rechtliche Kader ginn hunn. Ee Gesetz, mat deem awer och d'Nationalarchive weesentlech méi Aarbecht kruten. Esou mussen elo zum Beispill effentlech Verwaltungen dem Nationalarchiv hir al Archiven iwwerginn. An dat bedeit natierlech eng weider Aufgab.

All dës Missiounen sinn awer mat den aktuellen Infrastrukturen a Moyene vun den Nationalarchiven net méi machbar. Duerch den akuten a weiderwuessende Plazmangel, d'Verspreung op fënnf verschidde Sitten, deelweis ganz schlecht Stockagekonditiounen, grouss Dokumentbestänn, déi nach net konnten opgeschafft ginn, eng schnell wuessend Zuel un Ufroen an eng bannent zéng Joer verduebelt Zuel un ageschriwwene Clienten ass eist Nationalarchiv, trotz dem groussen a passionéierten Asaz vun Personal, op gutt Lëtzebuergesch, vir bäi an hanne widder!

Mam Vott vum haitege Finanzéierungsgesetz a mam schnelle Bau vun engem modernen a groussen zentrale Gebai zu Esch-Belval erméigleche mir dem Nationalarchiv, sech all dësen Erausforderungen inklusiv der Digitaliséierung ze stellen a seng Missiounen kënnen effikass ze erfüllen.

Mam Projet de loi Nummer 7600 iwwert d'„Construction d'un nouveau bâtiment pour les Archives nationales Esch-Belval“ beoptrage mir deemno de Fonds Belval, een neit Gebai fir d'Nationalarchiven zu Esch-Belval ze bauen, an dat fir e maximale Montant vu 77.270.000 Euro.

Domat hätt ech den eigentleche Gesetzesprojet schonn ofgehaakt. Mee ech wëll zum Schluss awer nach kuerz op e puer Elementer vun Gebai selwer respektiv vum techneschen Deel vum Dossier agoen.

Dat neit Gebai ass an e puer Zonen opgedeelt: eng Zone de conservation, déi endlech konform zu den internationalen Normen ass an och fir d'Zukunft genuch Stockagecapacitéite wäert bidden. Dëst ass sécher déi kriteschste Zon am ganze Gebai. Hei däreffe keng gréisser Variatiounen sogutt wat d'Temperatur wéi och d'Fiichtegkeet, d'Loftfiichtegkeet betrëfft geschéien. Et däreffe och keng Pollutioun, net vu baussen an net vu bannen, do stattfannen. D'Dokumenter mussen och virun enger excessiver Luuchtexpositioun beschützt ginn. De Moment si 45 lafend Kilometer zur Verfügung. Dëst soll op 90 Kilometer eropgesat ginn.

Déi zweet wichteg Zon ass déi effentlech Zon. Si erlaabt et, a Rou Dokumenter ze consultéieren, mee awer och effentlech Manifestatiounen ze organiséieren. Dofir sinn hei och Räim fir pedagogesch Aktivitéiten a fir Ausstellungen virgesinn. Hei erënneren ech un eng rezent Ausstellung vun den Archiven iwwer ee portugiseschen Diplomat, deen am Zweete Weltkrich ganz ville Persounen, dovun och eng Rëtsch aus Lëtzebuerg, mat senger Ennerschrëft erlaabt huet, den Nazien ze entkommen. Esou Ausstellungen erlaben den Archiven, hire Rôle de mémoire vun eisem Land ze erfüllen. An hei ass och d'Broschür vun där Ausstellung, wou ee





ka wierklech noverfollegen, wéi wichteg esou eng Aarbecht ass an och d'Zesummenaarbecht vun den Archiven aus de verschiddene Länner hei aus Europa.

**(M. Carlo Back montre une documentation.)**

Déi drëtt Zon ass déi logistesche Zon, déi d'adequat Traitement a Gestion vum Dokumenter erlaabt. An zu gudder Lescht nach d'administrativ Zon mat Plaz fir weesentlech méi Mataarbechter.

D'Surface disponible ass 15.952 Meterkaree grouss, wat e bësse méi wéi zwee Fussballsterrainen entsprécht. Den estiméierte Präis vun dëser Konstruktioun ass wéi gesot 77.270.000 Euro an d'Bauzäit ass op dräi Joer ugeluecht. D'Gebai entsprécht dobäi och dem Konzept vun „Énergie positive“, dat heescht, d'Gebai produzéiert méi Energie wéi et der verbraucht. Dëst gëtt alles erméiglecht duerch déi agesate Baumaterialien, thermesch Isolatiounsmaterial, Holz- a Glasfassaden, an Zesummespill mat performanten techneschen Installatiounen.

Déi noutwendeg Energie gëtt duerch Fotovoltaikpanneae produzéiert, déi déi komplett Surface vum Daach an och vun de Fassade vum grouss Stockagedeel bedecken. Am Ganze 5.700 Meterkaree Fotovoltaik, déi et erlaben, 590.000 Kilowattstonne pro Joer Stroum ze produzéieren.

Dës elektresch Energie geet méi wéi duer fir all Installatiounen funktionéieren ze doen, déi gebraucht ginn, fir ze hëtzen, ze kille, ze ventiléieren an och fir all déi aner Installatiounen. Fir all weider technesch Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ofschlësse wëll ech awer da mam Wuert „endlech“! Endlech ass et esou wäit! Scho wäit iwwer 20 Joer gouf iwwer een neit Gebai diskutéiert an 2004 souguer een éischte Projet an der Chamber deposéiert. Mee eréischt elo gëtt dat an d'Realitéit ëmgesat. Nom neie Gesetz fir d'Nationalarchive vun 2014 an dem generellen Archivgesetz vun 2018 kënnt haut deem drëtten wichtege Bausteen derbäi, een neit an zäitgeméisst Gebai.

De Projet de loi ass de 25. Mee 2020 deposéiert ginn. De Conseil d'Etat huet säin Avis den 30. Juni ofginn, an d'Kommissioun vun der Mobilitéit an den Travaux publics huet de schrëftleche Rapport de 16. Juli ugeholl.

An domadder soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vun der gréngrer Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Rapport, dem Här Carlo Back, villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Serge Wilmes.

**Discussion générale**

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - Merci, Här President. Ech soen dem Här Rapporteur, dem Carlo Back, villmools Merci fir säi schrëftlechen an och säi mündleche Rapport, deem ech net méi brauch elo ze widderhuelen. Hien huet all Detailler gesot. Hien huet gesot, firwat et esou wichteg ass, datt mer och en neit Gebai fir d'Archiven hei zu Lëtzebuerg brauchen, nodeems jo och d'Nationalbibliothék en neit Gebai kritt huet.

Wichteg ze preziséieren, mengen ech, ass de Choix, dee jo scho laang determinéiert war an och confirméiert ginn ass, et op dem Belval ze maachen, well mer do elo eng Konzentratioun hu vun Institutiounen, wou et Sënn mécht, datt d'Nationalarchiv dohinne geet, well mir hunn do och d'Unisgebai. An ech mengen, do wou déi zukünfteg Fuerscher oder Historiker och ausgebilt ginn, mécht et Sënn, datt dann och d'Nationalarchiven direkt niewendru sinn. Dat consolidéiert also och de Projet Belval, dee vun de Virgängerregierung jo op d'Bee gesat ginn ass.

An da wäilt ech awer trotzdem just de mündleche Rapport ergänzen nach, well den Här Back huet richteg gesot, datt et schon eng Kéier en éischte Projet 2004 ginn ass. Deen ass awer dunnt net realiséiert ginn. An dunnt 2004, wéi eng nei Regierung komm ass, eng CSV/LSAP-Regierung, ass ënnert dem deemolege Bauminister, dem Claude Wiseler, en neie Projet och entwéckelt gi vun engem grouss Gebai fir d'Nationalarchiven, och schon um Belval. An och wéi herno d'Madamm Modert Kulturministesch ginn ass an der Legislaturperiode duerno, ass u sech um Projet nach ëmmer - op d'mannst konzeptuell - weidergeschafft ginn.

Mee en ass awer 2009, 2008/2009, wou mer eng Wirtschaftskris haten, dem Spuerbudget zum Afferginn; en huet du missen no hanne gesat ginn. Dat war e ganz flotte grouss Projet, deem dunnt net konnt realiséiert ginn. Dofir ass et gutt, datt elo, wou mer an enger neier Kris dra sinn, den heiten Nationalarchiv net nach eng Kéier där zum Affergfall ass an datt mer dann elo awer endlech och en neit Gebai kréien. Mee dat, fir den Historique da komplett ze maachen, datt et och scho virdrun dee Projet ginn ass, dee leider net konnt realiséiert ginn, soss hätte mer e vläicht scho längst gehat.

Elo hu mer en endlech, tant mieux. Mir ënnerstëtzen dat zu 100 % an dofir och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wilmes. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'éischt wollt ech soen, datt mäi gudde Kolleg, de Max Hahn gesot huet: „André, Du waars Rapporteur vum Archivgesetz, da kanns De och elo hei zum Gebai schwätzen.“ Et ass mer eng grouss Eier an eng grouss Freed!

„Wéi ech 2003 de Poste vun der Direktesch vum Nationalarchiv ugetrueden hunn, du krut ech e Blohelm geschenkt, e Symbol derfir, dass d'Aarbechte geschwéi géifen ufänken“, esou déi jëtzege Directrice Josée Kirps an engem Interview.

Jo, 2003 war schonn en Architektbüro mat der Ëmsetzung vum Projet beoptraagt ginn. Du kouw awer d'Finanzkris dertëscht an do wéinst ass de Projet laang leie gelooss ginn. An der leschter Legislaturperiode huet dunnt de Staatssekretär fir Kultur, de Kolleg Guy Arendt, dësen Dossier reaktivéiert. Well eng Rei Upassungen un den urspréngleche Pläng noutwendeg waren, huet et sech nach emol bis 2020 gezunn, bis et zum Startschuss fir dat neit Gebai vum Nationalarchiv op Esch-Belval konnt kommen. An eppes méi wéi engem Joer sollen d'Baggeren dann elo rullen.

„Endlech!“, wéi och schonn de Carlo Back sot, kann een do nëmme soen, well si lafen trotz der aktueller Kris. Dës Kris konnt de Projet net méi ophalen, vläicht och dowéinst, well déi jëtzege Regierung d'Investitiounen wëllt héichhalen a well et dréngend erfuorderlech ass, datt mer e modernt, zäitgeméisst Archivgebai kréien.

2018 hu mer hei zu Land en éischt a modernt Archivgesetz kritt. Mat dësem Gesetz ass d'Basis geschaaft ginn, fir datt de Staat eng vu sengen zentralen an nobelsten Aufgabe kann erfüllen, an zwar déi vun der Erhaltung a vun der Iwwerliwwerung vum kulturellen Ierwen.

Mir hunn also viru genee zwee Joer endlech e komplette legale Kader kritt, dee fir d'alleréischte an der Geschicht vun eisem Land definéiert, wat Archive sinn an deem déi ganz Panoplie vun der archivistescher Aarbecht ofdeckt.

Gläichzäitig gouf mat deem Gesetz eng éischt legal Obligatioun geschaaft fir all ëffentlech Verwaltung, fir relevant Dokumenter ze archivéieren. Dëst huet natierlech den Effekt, dass d'Quantitéit un zousätzlechen Dokumenter, déi all Joer fir en Archivage ufalen, nach eemol an d'Luucht geet.

Erlaabt mer, drun ze erënneren, datt d'Archiven dat kollektiiv Gedächtnis vu Lëtzebuerg sinn. Si sinn e wäertvolle Schatz fir Studenten, Fuerscher, Literaten an Historiker. D'Erausfuerrunge vun der zäitgeméisser an der fachgerechter Konservéierung sinn also net ze ënnerschätzen. Déi eenzel Dokumenter solle jo esou wäit wéi et geet an engem gudden, jo, exzellenten Zoustand erhale bleiwen an och nach fir zukünftige Generatiounen zougänglech sinn.

Zënter Joren ass gewosst, datt d'Nationalarchiv aus allen Néit pläzt. 2015, wéi dat neit Archivgesetz virgestallt gouf, war scho geduecht ginn, datt dat neit Gebai vum Nationalarchiv dëst Joer kéint faerdeggestallt ginn. Wäit gefeelt. Eréischt 2023 soll en neit Gebai also disponibel sinn.

Wien eemol am jëtzege Archiv war, dee weess, wéi enk an al d'Raimleckeete vun der fréierer Reiderkasär sinn, och wa se op den éischte Bléck mat hiren deelweis verwëlfte Plaffonge charmant kënne wirken.

D'Nationalarchiv ass elo zanter Joren op fënnf verschiddene Sitte verdeelt gewiescht. Et ass eng Infrastruktur, déi komplett vereelt ass, wann een den Ziler an den Ëspréich vum neien Archivgesetz wëllt gerecht ginn.

Ech erënnere mech och nach drun, datt eemol en décke Waasserschued entstan war, datt war de 26. Juli 2019. Deemools hat eng verstoppte Kanalisatioun am ënneschte Sous-sol vum Helleg-Geescht-Parking fir grouss Schued geseuergt. An engem Lagerraum ass deemools Waasser eragelaf. Duerch dësen Tëscheffall goufen tëscht 750 bis 1.000 Meter Dokumenter a

Matleedenschaft gezunn. En Deel vun de Pabeieren huet missen a Killraum gelagert ginn, fir eng Zersetzung weinst Fiichtegkeet ze vermeiden.

Dat alles passt net méi an d'21. Jorhonnert. Déi aktuell Situatioun entsprécht a villen Hësiichten net den Ufuerrunge vun engem héichwäertegen Archivage selon les règles de l'art. Et gouf also héich Zäit, eppes ze änneren. Et ass gutt a richteg, datt dat neit Gebai no bei d'Uni an d'Institut fir Zäitgeschicht kënnt. Et ass gutt an iwwerfällg, datt et zu engem Moment kënnt, wou dat jonkt Archivgesetz verlaangt, datt mer zäitgeméis a fachgerecht schaffe kënnen, wuelwëssend, datt d'Ziel vun den Dokumenter permanent wiist.

Et ass gutt an néideg, datt mer endlech eng modern Infrastruktur schafen, déi eng adequat a professionell Fuerschung erlaabt. Dat alles maache mer haut mat dësem Gesetz méiglech. Dat ass richteg esou. An duerfir stëmme mer dat mat voller Iwwerzeegung.

**(Interruption)**

Nodeems mer elo en Archivgesetz hunn an haut dann och en neit Gebai fir d'Archive stëmme, wier et un der Zäit, och d'Problematisierung vum Rekrutement unzuegoen, besonnesch de Rekrutement an d'Ausbildung vun Archivaren, sief et iwwert d'Formation initiale, sief et iwwert d'Formation continue.

Här President, wann Der erlaabt, ech wëll hei nach en Uleies lassginn. Etlech Gemenge gi sech ganz vill Méi, fir hir Archive professionell ze féieren. D'Stad Lëtzebuerg, d'Stad Diddeleng oder d'Stad Dikrech zum Beispill. Aner Gemengen hu mëttlerweil eng eegen Archivkommissioun, wéi zum Beispill d'Gemeng Housen.

**(Interruption)**

Et wier wëschenswäert, wann all d'Gemenge weinstens op de Wee vun engem Kooperationsvertrag mat dem Nationalarchiv géife goen, fir hir historesch Archive fachgerecht opzeschaffen an ze konservéieren.

Ech rüchten dat och un d'Adress vum Syvicol, den Här Dan Biancalana als Vizepräsident ass jo Gott sei Dank present, deem d'Gemengen an deem Sënn soll opruffen, vun der Offer vum Nationalarchiv ze profitéieren. Op eenzelne Plaze wier et wierklech net vu Muttwëll.

Dat gesot, Här President, merci fir d'Nolauschteren an domat ginn ech natierlech och den Accord vun der DP-Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bauler. An ech ginn d'Wuert weider un een, dee grad ernimmt ginn ass, den Här Dan Biancalana.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, „Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn!“, esou e Lëtzebuerger Leetsproch. Mee ze wëssen, wat mir sinn, an deemno, wat mir wëlle bleiwen, setzt virus, dass mir wëssen, wat mir waren. A fir ze wëssen, wat mir waren, brauche mer Archiven, déi zu der Mémoire collective bäidroen.

Dës puer Gedankespiller fir ze soen, dass d'Archiven d'Fundament vun der Géigewaart an domadder eeben och vun eiser Zukunft sinn. D'Wichtegkeet vun den Archiven ass wuel jidderengem heibanne bewosst an dat ass och ganz gutt esou.

Ech wëll an deem Kontext drun erënneren, dass et e sozialistesche Minister war, de Robert Krieps, fir en hei net ze nennen, deem 1988, also viru méi wéi 30 Joer schonn, den Nationalarchiv zu enger wichteger Kulturinstitution gemaach huet an hir och eigentlech e legale Kader ginn huet mat engem Budget an och deemools an engem neie Gebai, wou et haut nach um Plateau du Saint-Esprit ass, mee ouni nei Reegele fir den Archivage virzugesinn.

Dës Manktem, an et gouf och schonn ugeschwat, gouf an der vieregter Legislaturperiode, de 17. August 2018, behuue vun der deemoleger Regierung an huet och deementsprechend der Archivéierung déi Wichtegkeet ginn, déi se verdéngt.

Mir hunn ons als LSAP ëmmer derfir agesat, dass d'Archivéierung e rechtliche Kader soll kréien, mee och, dass den Nationalarchiv méi finanziell a personell Moyene genau wéi e modernt an zäitgeméisst Gebai dann elo um Belval soll kréien. An dat maache mer mat deem Projet, dee mer haut stëmme, mat engem Invest vu 77 Milliounen Euro.

Ech erlabe mer awer och, hei drun ze erënnere, dass 2015 de Service Collecte, conseil et encadrement an d'Liewe geruff gouf an dass 2017 Formatiounen an der Archivistik lancéiert goufen. Deemools konnten an enger éischter Phas net manner wéi 41 Persounen forméiert ginn, dovunner 34 beim Staat a 7 bei de Gemengen.

Nieft dem Personal ass et eeben awer halt och wichteg, an d'Infrastruktur ze investéieren, e

Gebai mat Stockagecapacités, déi dem massiven Versemmen vun neien Dokumenter ënner Pabeier- an elektronischer Form kënne Rechnung droen, e Gebai, wat den neien Ufuerrunge vun Demandé vu Fuerscher a Studenten deementsprechend och Rechnung kann droen. An dat wäert och de Fall elo hei si mat der Uni Lëtzebuerg.

Duerfir begrësse mer ausdrécklech als LSAP dëst Gesetz, soen dem Rapporteur och Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport an och an anere Wieder: « Tout est bien qui finit bien ! »

Ech soen lech villmools Merci a ginn och den Accord vun der LSAP.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Biancalana. An dann huet d'Wuert den honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll mech kuerzfaassen. Als ADR géife mer dann dem Här Carlo Back Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech mengen, dat allermeescht ass hei gesot ginn. Ech brauch dat net alles ze widderhuelen. Een, dee mech perséinlech kennt, dee weess, datt ech vill un den Archive mathëllefe schaffen. An duerfir ass et wichteg, datt mer alles halen.

Ech ginn och d'Zoustëmmung als ADR zu dësem Gesetzesprojet, dee ganz gutt ass fir eist Land, mee als Norddeputéierten erlaabt mer awer, datt ech dee Projet mat engem laachenden, awer och mat engem kräischenden A kucken. Laachenden A, well mer endlech en Archivraum kréien, dee mer brauchen. Op där anerer Hësiicht kräischenden A, well e läit am südlechsten Zipfel vum Land. An ech wär frou a géif d'Regierung drop opmierksam maachen, datt mer och am Norden, mir brauchen net un den nördlechsten Zipfel eppes ze maachen, mee awer e bësse méi nördlech, och emol eng Kéier eng Infrastruktur schafen, déi dem Norden an dem Land zeguttkéim.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**(Interruptions et hilarité)**

Den Här Wagner nach fir d'éischt; Här David Wagner wannechgelift.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech wäert mech och kuerzfaassen. Ech fannen dee Projet natierlech immens gutt, zemools grad och als een, dee weeder am nördlechsten nach am südlechsten Zipfel vum Land leeft. Mee als Stater, fir net ze soe Stackstater, sinn ech awer e fervente Verteideger vun der Dezentraliséierung vum Land.

Ech mengen, dat Schlëmmst, wat een ëmmer ka maachen, ass penibele Lokalpatriotismus, a grad mat deem heite Projet, vu datt dat neit Gebai och an de Süde kënnt um Belval, do wou och d'Uni ass, wat eendeiteg méi Sënn mécht, begrëssen ech dat wierklech, an dat soen ech och als Stater, dat dierf een net vergiessen. Vläch ass et och gutt, sech dorunner ze erënneren an deene leschten Zäiten, wou komesch Diskussiounen opkommen, datt et grad eng Géigend ass, déi dem Land immens vill bruecht huet.

Mee selbstverständlech, an do huet den Här Engelen net Onrecht, et ginn och aner Géigende vum Land, wou och méi muss investéiert ginn, natierlech den Norden an den Osten. An, ech mengen, mir wiere gutt beroden, weiderhin an déi Richtung ze goen, fir weiderhin ëffentlech Infrastrukturen esou vill ze dezentraliséiere wéi méiglech.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. An dann ass et awer elo um honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Merci dem Carlo Back fir säin exzellente Rapport. Also, als Süddeputéierte freet et mech natierlech, dass de Belval erausgesicht ginn ass. Dat ass elo net dee südlechste Fleck. Et ginn der e puer, wéi Rëmeleng, déi e bësse méi déif sinn. A wann ech an d'Stad kommen, fieren ech och eng Kéier nach eng Véierelstonn, ier ech op de Belval an d'Stad kommen. Mee natierlech huet den Här Engelen Recht, och den Norde soll deementsprechend net vergiess ginn.

Eis gefält de Projet ganz gutt. Wéi den Här Back richteg erkläert huet, ass en energiepositiv, an et ass e Projet, wou ganz vill op d'Ëmwelt gekuckt ginn ass, wat mir natierlech och ënnerstëtzen an deementsprechend och wäerten eisen Accord ginn zu dësem Projet.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Infrastrukturminister François Bausch.





## Prises de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.*- Merci, Här President. A merci fir déi ganz breet Zoustëmmung. Wann ech dat richtig verstanen hunn, gëtt de Projet unanime ugeholl.

Ech wëll just zwee Sätz nach eng Kéier dozou soen, fir erauszesträichen, datt mer et hei fäerdegbruecht hunn oder wäerte fäerdegbréngen, e Gebai ze bagen, wat Energie Plus ass. Dat ass elo net dat Éischt, wat mer wäerte bauen. Wann ech kucken zu Dikrech, d'Administration de la nature et des forêts, da kucken ech de Lycée technique pour professions de santé zu Ettelbréck. Dat heescht, dat eent ass e Schoulgebai, dat anert ass en administratiivt Gebai. Élo ass hei eent, wat éischter an de kulturelle Beräich geet. Also, dat sinn interessant Experimenter, déi beweisen, datt et méiglech ass, Plus-Energie-Gebaier fir all méiglech Saachen ze bauen.

Mir hunn hei haaptsächlech, fir dat hinze-kréien, op Fotovoltaik kënne zréckgräifen, déi net nëmmen um Daach ass, mee och un de Fassaden, wat natierlech déi spezifesch Bëtoungsfassad do huet, an natierlech gëtt och d'Geothermie genotzt.

Mir hu jo erausfonnt, datt am Süden d'Geothermie ganz interessant ass; ech wollt dat just nach eng Kéier ënnersträichen. A fir de Rescht sinn ech zoustänneg fir de Bau, also fir d'Car-casse. Ech mengen, et ass besser, ech iwwer-loossen där Ministesch, déi zoustänneg ass fir den Inhalt, fir bannendran, meng Riedezäit. An duerfir géif ech proposéieren, datt d'Kultur-ministesch eppes iwwert den Inhalt seet.

► **M. Fernand Etgen**, *Präsident.*- Da géif fir d'Regierung d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson de Relais iwwerhuelen. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture.*- Merci, Här President an Här Baute-minister, dass Der mer Är Riedezäit iwwerloost. Ech wäert déi awer elo net voll ausnotzen, keng Suerg, quitte dass et ganz wichteg ass. An ech gesinn och d'Madamm Kirps douewen, déi voller Erwaardung haut deem Dag entgéintgeféiert huet.

Wann Der lech gutt erënnert, et ass schonn ugeklonge virdrun, viru bal genee engem Joer krut ech en Uruff, Panik: „Et sinn Archiven iwwerschwemmt ginn, déi am Hellege Geesch stockéiert sinn.“ An et ass eigentlech just duerch e ganz glécklecht Zesummespill an duerch gutt Reflexer, déi verschidde Mataarbechter haten, ee Magasinier, deen zoufälleg op der Plaz war, an och eng gutt Zesummenaarbecht mam CGDIS a mam Nationalmusée, déi direkt och komm si fir ze hëllefen, dass déi 750 linear Meter, déi do beschiedegt goufen, konnte gerett ginn.

Si sinn du ganz séier déifgefruer ginn op minus 23 Grad. Et ass e ganzen Opwand ronderëm, an déi mussen dann elo natierlech erëm entfruer ginn an dann och jee no Zoustand traitéiert ginn. An et ass och elo érischt virun e puer Deeg, wou dann eng spezialiséiert Firma vu Leipzig komm ass, fir se sichen ze kommen a fir se dann erëm opzeschaffen.

Dir gesitt, wat dat fir Konsequenzen huet, wa mer net uerdentlech mat eisen Archiven ëmginn, wa mer hinnen net déi Plaz ginn, déi se verdéngen, déi se brauchen, a fir dass och d'Mataarbechter aus den Archive kënne hir Aarbecht ënner uerdentleche Konditiounen maachen, dass d'Chercheuren, déi op d'Plaz ginn, kënne hir Aarbecht ënner uerdentleche Konditiounen maachen. Mir sinn am Moment op fënnef verschiddene Plazen an der Stad verspreet. Och dat wäert dann en Enn kréie mat deem neie Gebai.

Och den Historique ass schonn ugeklongen. 2018 ass eng ganz wichteg Etapp ënner mengem Virgänger, dem Staatssekretär Guy Arendt, gemaach ginn, wou d'Gesetz konnt gestëmmt ginn, dass d'Archive sech wierklech kënne ëm eis Mémoire collective këmmern, ëm d'Mémoire collective, déi mer an eise Verwaltungen, an eise Ministère usammelen. Saitdeem ass en enormen Opwand bedriwwen ginn. Et hu scho sechs Tableau-de-trië konnt ënnerschriwwen ginn. Et sinn der eng 20, déi virun der Ënnerschrëft stinn. An och dat weist: Do kommen nach eng Kéier esou vill Dokumenter derbäi, wat jo wierklech wichteg ass, fir dass d'Archive kënne déi Roll spillen, déi se hunn, dat heescht, och dem Bierger en transparenten Accès ze garantéieren op d'Dokumenter vum Staat, an eeben och d'Geschichtsschreiwung ze erméiglechen, dass mer kënne nokucke goen, wéi Decisiounen geholl gi sinn, se kënne retracéieren, kucken, wéi de politesche Kontext zu engem Moment wor a kënne verstoen, firwat dat eent geschitt ass an net dat anert.

Mir hu ganz laang gebraucht, fir op dee Punkt ze kommen. Dat ass elo virun zwee Joer geschitt. Mir hunn elo bis 2025 Zäit, fir dat ëmze-

setzen. A mir hunn de Moien am Regierungsrot och en Dokument ugeholl, wat eis et erméiglecht, mat de Gemengen déi faméis Konventionen ofzeschléissen, wou mer e Contrat type ugeholl hunn an engem Avant-projet de règlement grand-ducal. Dir wësst jo, dass am Gesetz vun 2018 net virgesi wor, dass d'Gemengen, an am Prinzip vun der Autonomie communale, net d'office géifen alles verséieren. Duerfir baséiere mer eis da wierklech op de Volontariat vun deene Gemengen, déi ganz engagéiert sinn. Mee do gëtt et elo, wéi gesot, e Contrat type, deen dat da mécht.

► **M. André Bauler** (DP).- Très bien!

► **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture.*- Mir ginn an de Staatsrot an dann hu mer dat Dokument fir all déi, déi interesséiert sinn, dat ze maachen.

Dat hei ass elo den drëtten Essai. Ech si ganz frou, dass de Guy Arendt deemools de Projet erëm aus dem Tirang geholl huet, well wéi ech et virdu beschriwwen hunn, ass déi Situatioun, wéi mer se elo kennen, einfach net tenabel. Mir hunn immens investéiert an d'Uni, an d'Geschichtsschichtssrecherche an eise Land, dowéinst ass also déi Proximitéit zu Esch eng Evidenz, mobilitéitstechnesch guer net ze schwätzen. Mee einfach de Fait, dass mer esou no bei den Institutionen sinn, mat deenen do soll geschafft ginn, dat ass einfach evident. An dat war wichteg, op déi Dokumenter, op déi baséieren d'Chercheure sech, fir hir Recherche ze maachen. Et geet jo net duer ze soen: „Mir wëllen eng Uni a mir hätte gären, dass elo hei historesch Recherche gemaach gëtt.“ Déi Chercheuren, déi baséiere sech op hir Dokumenter, op déi Dokumenter, déi si opschaffen, déi si kollektéiert hunn an déi si da kënne duerno verwäerten.

Och dowéinst ass et immens wichteg, dass dat kann an uerdentleche Konditiounen gemaach ginn. An dat neit Gebai um Site erméiglecht dat. Et si geplangten Depotcapacitéite vun iwwer 100 lineare Kilometer virgesinn. Dat entsprécht absolutt deem, wat prognostizéiert gëtt, wat mer géife brauchen. A wann et net duergeet, da kënne mer niewendrun och nach bäibauen.

Et ass och bei de Plazen, déi virgesi sinn, eng Salle de lecture mat 48 Plazen, dass een dat kann ënner wierklech nach bessere Konditiounen maache wéi bis elo. Et ass e multifonctionelle Multimedialiesraum mat zwielef Plazen ageplangt, well jo och ëmmer méi digital geschafft gëtt, an och deem muss Rechnung gedroe ginn.

Just nach, well d'Fro och gestallt gouf zum Personal. Dat ass absolutt evident, ouni d'Personal kréie mer souwuel d'Tableau-de-trien net hi wéi natierlech och déi ganz Opschaffung vun de Fongen, déi schonn do sinn. An da kann erëm hannendrun d'Recherche op der Uni natierlech net gemaach ginn.

2019 waren dräi nei Poste bäikomm an 2020, dëst Joer, véier nei Posten. An ech wäert mech natierlech och erëm setzen, dass dat nach esou weidergeet, well mir brauchen déi Leit, fir dass eis Mémoire collective net verluergeet an dass se och kann uerdentlech opgeschafft ginn. Duerfir, jiddwerengem merci fir dee grouesse Support. Natierlech och merci dem Fonds Belval an den Architekten fir déi exzellent Zesummenaarbecht. An ech kennen der e puer, déi sech immens freeën, dass haut dee Projet ka gestëmmt ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Präsident.*- Merci villmools, Madamm Tanson. D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7600. Den Text steet am Document parlementaire 7600<sup>2</sup>.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 7600 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme.

Ech maachen de Vote électronique zou. Ech maachen elo den Appel nominal fir déi, déi wëllen ee Vote par procuration ofginn.

## Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass dese Projet de loi eestëmme mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Marc Lies), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Aly Kaes), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi,

Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova (par Mme Djuna Bernard), MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 5. 7513 - Projet de loi portant modification de la loi du 5 juillet 2016 autorisant le Gouvernement à participer au programme multinational « Multi-Role Tanker Transport » (MRTT) (suite)

### Motion 1 (suite)

Da kéime mer un d'Suite, wat d'Diskussioun ubelaangt vun der Motioun, déi vum Här Marc Baum deposéiert ginn ass, vu datt den Här Minister Franz Fayot elo hei ass. Här Fayot, wëllt Dir nach eppes zu där Motioun soen? Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*- Merci, Här President. Léif Deputéierten, merci un de Marc Baum an un den David Wagner fir dës Motioun. Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens heibannen, dass mer an dësen Zäiten d'Kooperatioun mussen op engem héijen Niveau behalen, fir effektiv och d'Réponse Covid an deene schwächste Länner, an den Entwicklungslänner, op engem ganz héijen Niveau ze maachen.

Ech géif lech gäre soen, dass mer dat maachen an der Lëtzeburger Kooperatioun. Mir hunn u sech relativ schnell an eise bilaterale Relatiounen mat eise Partnerlänner Fonge reorientéiert, déi dediéiert waren, mee déi net konnte gebraucht ginn op verschiddene Programmen, mir hunn déi reorientéiert fir Projeten zum Beispill am Niger, am Burkina Faso, mee och am Cap-Vert, fir eeben ze reagéieren op d'Covid-19-Kris. Mir hunn och am Multilateral op eng ganz Rei Appel-de-fondse reagiert vum Internationale Roude Kräiz, vun der OMS, mee och vun der UNRWA, wou mer u sech erëm nei Suen och eraginn hunn an déi Programmer.

Mir hunn och den ONGen et erlaabt, fir flexibel mat hire Suen ëmzegoen, fir kënne op Covid-19 ze reagéieren um Terrain. Am Total hu mer 58 Milliounen Euro an déi Réponse Covid-19 bis elo schonn eraginn. Zum Deel sinn déi Sue schon ausginn oder se sinn op d'mannst schonn allouéiert.

Et ass also net esou, dass mer hei näischt gemaach hätten an der Reponse zum Covid-19, souwuel an de Beräicher haaptsächlech vum Waasser, mee och vun der Santé, mee och an der Réponse socio-économique op dës Kris.

Et ass evident, dass mer weider hei musse Fouss beim Mol halen. Et geet hei wierklech ëm déi schwächste Länner, wou d'Effete vun där Pandemie nach vill méi grav si wéi bei eis an deenen entwéckelte Länner. An dofir kann ech lech assureieren, dass d'Intentioun vun der Regierung sécher net ass, fir hei mat der APD erofzuegoen, bien au contraire.

Mir wäerten och dëst Joer, trotz effektiv der Baisse vum RNB, déi natierlech wäert do sinn - dat ass e mechanesche Phenomeen, dee mat der Baisse vum PIB zesummenhänkt - liicht iwwer 1 % vun eise RNB leien an eiser APD. Dir wësst och, dass mer traditionell zu Lëtzebuerg net déi Suen arechnen, déi mer am Kampf géint de Klimawandel dediéieren an och net déi Suen, déi mer fir d'Refugiéskris allouéieren, wat vill aner Länner maachen. Dat heescht, mir leien also nach e gutt Stéck méi héich wéi 1 % vum RNB an eiser APD au sens large, wéi se a villen aner Länner gerechent gëtt.

Nichtsdestotrotz ass et awer esou, dass ech am Fong géif der Chamber proposéieren, fir dës Motioun net unzehuelen. An ech explizéieren lech och firwat.

De Verglach gëtt hei gemaach mat 2014, wou deemools effektiv e Seuil minimum agefouert gouf. Mee dat war e komplett anere Kontext zu deem, dee mer haut hunn. 2014, kënnt Der

lech vläicht erënnere, ass eng nei Kontabilitéit agefouert ginn. Dat war SEC2010, domat ass och eng nei Méthode de calcul vum RNB anhiergaangen, déi effektiv derzou gefouert hätt, dass d'APD ëm e gutt Stéck agebrach wär. A well dat evitéiert sollt ginn, huet d'Regierung effektiv dee Seuil do agefouert deemools, dee Seuil minimal en montant absolu.

Haut si mer natierlech an engem ganz anere Kontext. Mir sinn haut an enger internationaler an och nationaler Wirtschaftskris, soudass ech géif proposéieren, dass mer dat hei net géifen zréckbehalen. Ech kann lech awer soen, dass dëst Joer, wou et jo scho wierklech schwierig ass mam Budget, kee Suen ewechgehol krut, dass wierklech kenger ONG a kengem Partnerland, wou mer Engagementer hunn, sief et eng Enveloppe oder en Accord-cadre, dass do och nëmmen een Euro ewechgehol ginn ass. All déi Suen, déi sinn a bleiwen affektiert.

Wat natierlech elo e bësse méi schwierig ass, dat ass, fir elo nei Projeten nach dëst Joer ze accordéieren. Effektiv, weinst de budgetäre Limiten, déi et awer trotzdeem och am Beräich vun der Kooperatioun gëtt, trotz all eise Volontarismus, si mer do effektiv gebonnen an der Kooperatioun.

Dat heescht, fir d'nächst Joer, wou mer jo natierlech mat engem Rebound rechnen, och an eise PIB, an eiser Wirtschaftsleeschung, rechne mer dann och domadder, dass den RNB erëm eropgeet an dass mer dann och natierlech erëm méi eng héich Marge de manœuvre hunn an eise Budgete fir eis Partnerlänner am Multilateral, mee natierlech och mat den ONGen, souwuel an der Aide humanitaire wéi och an der Aide au développement.

Voilà. Merci!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Här Fayot. Ech mengen, da kënne mer zum Vott vun dëser ... Nee, den Här Baum huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech schléisse jo dann doraus, wann den Här Fayot recommandéiert, déi Motioun hei ofzeleenen, dat, wat drasteet nämlech, datt de Budget en montant absolu vun 2019 dann 2020 an der Entwécklungshëllef wäert ënnerschratt ginn; well wann dat net wier, kéint ee se jo ouni Problem unhuelen.

Ech hunn déi heite Motioun an e Kontext gesat, an de Kontext vun deene sougenannten „3 D“ vun der Aussepolitik: Diplomatie, Développement an Defense. A mir hunn haut e ganz héijen Defenseprojet votéiert, an ech muss da mat ganz grousem Bedauere feststellen, datt do, wou gespuert gëtt, do, wou de Montant net op deem Niveau gehale gëtt wéi déi Jore virdrun, datt dat d'Entwécklungspolitik ass. An ech kann dat just mat ganz, ganz grousem Bedauere feststellen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Här Baum. Ech ginn d'Wuert weider un den honorablen Här Marc Spautz.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Jo, merci, Här President. Also, d'CSV fënnst déi Motioun, déi vun de Kollege vun déi Lénk gemaach ginn ass, ganz gutt. Mir sinn och frou, vum Här Fayot ze héieren, dass 58 Milliounen schonn an de Covid investéiert gi wieren. Mee et ass awer e falscht Zeechen, elo ze soen: „Mir ginn zréck mat deene Suen, déi do sinn!“ Dofir ënnerstëtze mir déi Motioun.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Mir sinn der Meinung, et misst een och 2020 kënne op deen 1 % kommen an et dierf net manner sinn, wéi dat bis elo de Fall war.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Här Spautz. An da geet d'Wuert un den honorablen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools merci, Här President, an och merci un d'Kollege vun deene Lénke fir dës Initiativ, déi mir awer net matdroen. Ech wëll hei vläicht dann e puer Wuert nach eng Kéier resuméieren, wat eis Positioun an dëser Fro ass.

Dat Éischt ass: Mir maachen e ganz klore Ënnerschied zwëschen der Aide humanitaire an der Coopération au développement. An eisen Aen ass d'Aide humanitaire eppes, wat mer nach kënne vill méi grousszügig usetze wéi dat, wat mer am Abléck maachen. Dozou gehéiert och d'Hëllef beim Covid oder bei Naturkatastrophen oder bei Hongerkatastrophen. Dat ass eppes, wou ee Land wéi mir onbedéngt muss do stoe fir ze hëllefen.

D'Kooperatioun ass awer eppes ganz anescht. D'Kooperatioun ass eng Politik, déi an hirer